



Dépôt: GOERGEN Marc

Débat iwwert de Rapport vum Fonds spécial de soutien au développement du logement

Lëtzebuerg, den 13/07/2023



Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- de Staat wëll an den nächste Jore méi öffentlech Wunnenge bauen, soudass mindestens 20% vun alle Wunnengen am Land sollen an öffentlecher Hand sinn, no den Aussoe vum Logementsminister vum 29te Juni 2023;
- aktuell hunn d'Bierger:inne just d'Méiglechkeet, fir eng öffentlech Wunneng ze kafen (mat oder ouni Subside) oder ze lounen;
- fir de Mënschen de Choix tëschent kafen a lounen ze ginn a fir de Locataire eng Chance ze bidde fir Proprietär ze ginn, kéint de Staat d'Formel vum Mietkauf fir öffentlech Wunnengen abauen.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. de Mietkauf bei öffentleche Wunnengen z'erméiglechen, ugeleent u folgend Richtlinnen:
 - All Mount, un deem ee Locataire fir eng staatlech Wunneng Loyer bezilt, krëtt en een Deel guttgeschriwwen.
 - De Locataire kann dës Gutschrëft notzen, fir eng Reduktioun um Kafpräis vun enger Wunnunitéit am Besëtz vun der öffentlecher Hand ze kréien.
 - D'öffentlech Hand behält ëmmer ee Virkafsrecht op d'Wunnengen am Fall vun engem spéidere Verkauf.
2. der Chamber zäitno eng Selektioun vu méigleche steierleche Moossnamen ze presentéieren, fir de Mietkauf um privaten Immobiliemaart ze fërderen.

Marc Goergen



www.piraten.lu